LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

REÇU
Par Christine Wirtgen , 18:49, 19/05/2020

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 18 mai 2020

**Référence :** 831xf2582

**Objet :** Question parlementaire n°2151 du 14 mai 2020 de Messieurs les Députés Roy Reding et Jeff Engelen au sujet du tarif horaire uniforme pour les médecins dans le cadre de la pandémie du coronavirus

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et du soussigné à la question parlementaire n°2151 du 14 mai 2020 de Messieurs les Députés Roy Reding et Jeff Engelen au sujet du tarif horaire uniforme pour les médecins dans le cadre de la pandémie du coronavirus.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire n°2151

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vun der Gesondheetsministesch a vum Minister vir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2151 vun den Här Deputéierte Roy Reding a Jeff Engelen iwwert en uniformen Tarif bei den Doktere wärend der Coronakrise**

Bedéngt duerch d'COVID Pandemie ass de Gesondheetssystem reorganiséiert ginn op Basis vum Groussherzogleche Krisereglement vum 18. Mäerz 2020 wou jo ënner anerem d'Aktivitéite vun den Dokteren an Zänndokteren op ee Minimum am Kader vun urgente gesondheetlech Problemer limitéiert goufen a gläichzäiteg awer festgehale gouf dass all essentiell Aktivitéiten am Gesondheetsberäich mussen disponibel bleiwen, an dëst natierlech an de Spideeler an an den Analyselaboen.

D 'Reorganisatioun vun dem Gesondheetssystem gesäit 4 Ligne de Gardes am Secteur extrahospitalier an eng spezifesch Ligne de Garde am Spidolsecteur vir.

Am Secteur extrahospitalier goufen ënner anerem d'Centres de soins avancés als eischt Ulaafstell fir Covid Patiente iwwert d'Land verdeelt, eng Garde vun den Hausdokteren iwwert Téléconsultatioun fir net Covid Fäll, an eng Garde am Kader vun den Alters- a Fleegeheimer agefouert. Och ass eng Garde fir Zaenndokteschurgenzen op d'Been gestallt ginn, och mat der Méiglechkeet vun Telekonsultatiounen (Ligne de Garde).

Am Spidolssecteur ass d'Prise en Charge vum Patient am Spidol och nei organiséiert gi mat enger spezifescher Prise en Charge vu schwéiere COVID Fäll, enger Garde fir Urgencë vun net Covid Fäll an enger Disponibilitéit vu Spezialisten.
Des Aktivitéiten an de verschiddene Lignes de Garde si mat groussem Asaz vun de Dokteren um Terrain opgestallt an assuréiert ginn, ënnert der Responsabilitéit vun engem Coordinateur national um Gesondheetsministère.

Des Aktivitéite sinn iwwert nei Akten an der Nomenclature remuneréiert, haaptsächlech een Akt fir Teleconsultatioun an een aneren Akt fir d'Participatioun un de Lignes de Gardes. D'Akte vun der Telekonsultatioun goufen de 17. Mäerz 2020 an déi vun de Forfaiten den 30. Mäerz 2020 iwwert e groussherzogleche Reglement fixéiert esou ewéi dëst am Code vun der sozialer Sécherheet festgehalen ass.

Souwuel den Acte vun der Teleconsultatioun wei dee vun de Forfaite sinn deen Ament mat de Leit vum Terrain ofgeschwat ginn, sief et mat den Dokteren, de Spideeler, an och mat der Administratioun vun der Gesondheetskeess, an dëst am Kader vun de Méiglechkeeten a Contrainten déi gebuede waren. Des nei Akte sinn enger Gesondheetskeess opposabel, wei all aneren Akt aus der Nomenclature, an deementspriechend och vun enger Kees en Charge ze huelen.

Aktuell sinn déi verschidde Pläng vun de Lignes de Garde vum Coordinateur national validéiert a goufe weidergereecht un d'Gesondheetskeess déi elo des Aktivitéiten sou schnell wei méiglech remuneréiert.